N°2526
Entrée le 26.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Mam Summerufank stinn déi nächst Hëtztwelle virun der Dier. Vill Leit ënnerschätzen d'Risiken vun den extreem héijen Temperaturen, grad fir eis Déieren. Et goufen déi leschte Wochen erëm Fäll, wou Hënn an Autoen gelooss goufen. Dës Leit si sech net bewosst, dass am Auto schonn no e puer Minutten an der praller Sonn iwwer 50 Grad Celsius kënne sinn, wat fir een Hond zu engem schnellen a qualvollen Dout ka féieren.

Den Artikel 4 Punkt 3 vum Déiereschutzgesetz gesäit vir, dass jiddereen, deen en Déier hält, dofir suerge muss, dass d'Temperature vum Déier u seng Aart adaptéiert muss sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat ënnerhëlt d'Ministesch, fir d'Leit op d'Geforen vun der Hëtzt op d'Déieren opmierksam ze maachen?
2. Wat ass d'Strof fir eng Persoun, déi hiert Hausdéier bei gliddegen Temperaturen am Auto léisst?
3. Wat solle Leit ënnerhuelen, déi een Déier bei héijem Temperaturen an engem Auto fannen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten